pétange
MOTIVATION COMMUNE

# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

Juni / Juli 2022





Den 23. Juni ass Nationalfeierdag zu Lëtzebuerg



## 4 DEN MITMENSCHEN UNTER DIE ARME GREIFEN

*So wie jedes Jahr hat die Gemeinde Petingen auch 2022 beschlossen, Menschen auf dem afrikanischen Kontinent dank eines Zuschusses von je 7.500€ für 4 Nichtregierunsorganisationen zu unterstützen...*



## 10 E PROJET FIR D'ZUKUNFT

*De Korbaseng huet ongféier 65 Quadratkilometer an am S.I.A.C.H. leeft d'Ofwaasser vu méi ewéi 70.000 Awunner duerch fir gebotzt ze ginn. Duerch den Ubau wäert et an Zukunft méiglech sinn, dëse Prozess...*

> Impressum

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 / L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Réalisation :**
Espace-Médias S.A.

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms, Manon Büchler, Christophe Potier

**Photos:**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Claude Piscitelli, Laurent Blum, S.I.A.C.H., André Martins, Jasmine Frantzen, Eric Jaerling, Christophe Scheid, Laura Schneider, Andy Lux, Nathalie Flenghi, Eric Devillet

**Imprimeur :**
Imprimerie Heintz, Pétange

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Juin/Juillet 2022

ISSN 1993-0070

## SOMMAIRE

| | |
|---|---|
| 2 | Haaptthemen |
| 3 | Editorial |
| 4-5 | Den Mitmenschen unter die Arme greifen |
| 6-7 | E Projet fir d'Zukunft |
| 8 | Le prix de l'eau, ça se calcule comment? |
| 9-11 | Agenda |
| 12-13 | Wat war lass ? |
| 14-15 | Op eng gutt Noperschaft ! |
| 16-23 | Wat war lass ? |
| 23-24 | Mir Gratuléieren! |
| 25-27 | D'Gemeng informéiert |
| 28 | Nationalfeierdag |

# EIS HEEMECHT, EIS FRÄIHEET



Den 23. Juni, dat si mir all, déi fir Fräiheet, Gerechtegkeet a Fridden astinn an eiser Welt.

Den 23. Juni feiert Lëtzebuerg säin Nationalfeierdag. En Dag, op deem mir houfreg no bausse weisen, datt mir en onofhängegt Land sinn, datt mir e fräit Land sinn. Eng Fräiheet, déi schonn e puer Mol haart gepréift gouf, besonnesch an deenen zwee Weltkricher vum leschte Jorhonnert. Awer och eng Fräiheet, déi mir trotz all dëse schwéieren Zäiten nie verluer hunn.

Jo, mir gesinn dëst grousst Geschenk vläicht net als esou eng wichteg Errungenschaft u well et eigentlech eng Selbstverständlechkeet fir eis ass, fräi ze sinn. Mir kënnen ouni Problemer iwwer Lännergrenzen eraus reesen, kënnen zesummekomme fir ze feieren, ze diskutéieren, ze kritiséieren, eis Volléksvertrieder ze wielen, a villes méi. De Präis fir esou en Ëmfeld war immens héich, gëtt awer heiansdo an den Hannergrond verdrängt.

Wéi ufälleg, wéi zerbriechlech d'Fräiheet ass, dat hu mir nees mat Schmäerze musse feststellen ewéi virun e puer Wochen an der Ukraine en neie Konflikt ugefaangen huet. E Konflikt, deen alt nees Honnertdausende Leit gezwongen huet, aus hirer Heemecht, déi amgaang ass zerstéiert ze ginn, fortzelafen. Do komme ganz sécher bei eise Matbierger a Matbiergerinnen, déi de Krich 1940-1944/1945 erlieft hunn, batter Erënnerungen zeréck. Si wëssen nëmmen ze gutt, wat et heescht, e Flüchtling ze sinn, Haus an Haff ze verloossen ouni ze wëssen, ob ee jemools zeréckkënnt.

Aus deenen Erfahrungen eraus a mat Bléck op de Krich un de Grenze vu Südosteuropa kënnen an dierfe mir als Lëtzebuerger an der Europäescher Unioun en Ugrëff op d'Fräiheet vun de Mënschen net erlaben. Besonnesch op diplomateschem Niveau mussen d'Natioune weltwäit, besonnesch awer an Europa, net ophale fir ze versichen, eng friddléich Léisung ze fannen. Mir sinn et de Leit aus der Ukraine schëlleg, mir sinn et awer och eisen eelere Generatioune schëlleg, alles drun ze setze fir datt d'Waffen néiergeluecht ginn an hir Affer net ëmsoss waren.

Wa mir elo geschwë fir de Lëtzebuerger Nationalfeierdag zesummesëtzen a feieren, da loosse mir eis bewosst sinn, wat fir eng Tragweite d'Fräiheet fir all Eenzelnen an eisem Land huet. Loosse mir all eis Matbierger deen Dag abannen, well si och en Deel si vu Lëtzebuerg, vun der Péitenger Gemeng, vun eisem alldeegleche Liewen. Den 23. Juni, dat si mir all, déi fir Fräiheet, Gerechtegkeet a Fridden astinn an eiser Welt. Et ass eiser aller Pflicht, dem Michel Lentz sengem „Looss virublénken d'Fräiheetssonn, déi mir sou laang gesinn" och fir eis zukünfteg Generatioune e Sënn ze ginn.

**De Schäfferot**

*Le collège des bourgmestre et échevins vous invite cordialement à assister à la*

## *Célébration de la Fête nationale,*

*le jeudi 23 juin 2022 d'après le déroulement suivant:*

*10.15 heures: Rendez-vous à la place J.F. Kennedy à Pétange*

*10.30 heures: Départ d'un cortège pour l'Eglise paroissiale de Pétange*

*10.45 heures:* ***Te Deum solennel en l'Eglise paroissiale***

*Chant par les trois chorales Sainte Cécile de la commune de Pétange*

*11.15 heures: Retour du cortège à la place J.F. Kennedy*

*11.30 heures:* ***Célébration publique de la Fête nationale***

*Allocution officielle du bourgmestre - Promotion générale dans les Ordres nationaux - Vin d'honneur*
*Encadrement musical par les deux sociétés de musique de la commune de Pétange*

*Une navette d'autobus fonctionnera ce matin pour emmener les citoyens de Rodange et de Lamadelaine à Pétange.*
*Départs à partir de 9h30 aux arrêts „Rodange, Hall sportif", „Lamadelaine, Ecole". Retours à partir de 12h30 à l'arrêt „Pétange, bei der Gemeng".*

# DEN MITMENSCHEN UNTER DIE ARME GREIFEN

*So wie jedes Jahr hat die Gemeinde Petingen auch 2022 beschlossen, Menschen auf dem afrikanischen Kontinent dank eines Zuschusses von je 7.500€ für 4 Nichtregierunsorganisationen zu unterstützen. Die Mitarbeiter der Organisationen verschaffen sich vor Ort einen Überblick bezüglich der dringendsten Bedürfnisse und vewalten das Geld dementsprechend.*
*Dabei werden sie von lokal ansässigen Organisationen unterstützt, die rund ums Jahr an Ort und Stelle für die Koordination der Durchführung der Projekte zuständig sind und den Kontakt zur Bevölkerung sowie zu den Behörden pflegen. Nur durch das gute Zusammenspiel aller Akteure können die angebotenen Hilfeleistungen die Betroffenen erreichen und eine Verbesserung ihrer Lebensqualität herbeiführen.*




**OGBL Solidarité Syndicale ASBL**
*Die vom Gemeinderat beschlossene Finanzhilfe wird in den Distrikten Shai-Osudoku und Ningo-Prampram in Ghana eingesetzt um die Kindersterblichkeit zu verringern. Darüber hinaus soll das Geld schwangeren Frauen einen sozialen Schutz bieten. D.h. si sollen Zugang zu Gesundheitsversorgung bekommen und auch in Zeiten der Arbeitslosigkeit, im Alter oder während der Schwangerschaft auf Hilfe zurückgreifen können.*




**Action Solidarité Tiers Monde ASTM**
*Dank des Zuschusses der Gemeinde Petingen wird in der Savannenregion in Togo der Absatz von Lokalprodukten gefördert. Durch die besseren Anbau- und Verkaufsstrategien erhalten auch die Einwohner bessere Chancen, ihren Lebensunterhalt zu verdienen.*




**Guiden a Scoute fir ENG Welt**

*Die Ausbildung von Kindern und Jugendlichen in der Thiès-Region (Senegal) steht im Mittelpunkt dieses Projektes, das von der Gemeinde Petingen unterstützt wird. 27 Schulen setzen sich für die schwächeren und ärmeren Kinder ein und ermöglichen auch jungen Menschen mit einer Behinderung den Zugang zum Unterricht dank der Sensibilisierung der Gesellschaft. Durch die Verwaltung einer Privatschule erlangen Kinder, denen der Zugang zu öffentlichen Einrichtungen verwehrt bleibt, die Möglichkeit sich weiterzubilden.*




**Athénée Action Humanitaire**

*Auch das vom städtischen Gymnasium Athénée geförderte Projekt „Edulink“ in Südafrika stellt Bildung in den Mittelpunkt. Durch die Unterstützung der Schule „Fata Early Childhood Development Center“ erhalten 80 Kinder bis 6 Jahre Zugang zum Unterricht und zur Betreuung. Des Weiteren bietet der „Science Bus“ Kurse aus Wissenschaft, Kunst und Umwelt an.*




**Médecins sans frontières**

*Après le début du conflit armé en Ukraine, les images d'une population en fuite et menacée par les bombardements a déclenché une vague de solidarité à travers le monde. La commune de Pétange a voulu venir en aide aux personnes en détresse et a remis un chèque de 10.000 € à l'association Médecins sans frontières pour soutenir les efforts de secours en faveur du peuple ukrainien.*

# E PR
# FIR D'ZU

*De Korbaseng huet ongféier 65 Q*
*S.I.A.C.H. leeft d'Ofwaasser vu*
*duerch fir gebotzt ze ginn. Duerc*
*Zukunft méiglech sinn, dëse Proz*
*115.000 Awunnergläichwäert z*

Zënter 1996 ass de S.I.A.C.H. (Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement de la Chiers) zu Péiteng a Betrib, an zënterhir huet sech och am Kordall esou munches geännert. Besonnesch d'Awunnerzuel ass an dësem Eck vum Land staark gewuess, esou datt vill Upassungen hu musse gemaach ginn. Och de S.I.A.C.H. ass net derlaanscht komm, an esou war et am Juni 2019 ewéi de Grondstee fir den aktuellen Ausbau vun Anlag offiziell geluecht gouf. Aarbechten, déi sech op méi wéi 75,5 Milliounen Euro wäerte belafen.


A wou sti mir dann haut? Hei e klenge Fottotour duerch de S.I.A.C.H., wou no enger méi lueser Phas – bedingt duerch d'Coronakris – d'Aarbechten nees méi zügeg viruginn.



**“Den neien Alaf: hei ass d'Pompelwierk erweidert ginn. Do wou fréier 2 Schnecke plus 1 als Reserv geschafft hunn, gouf am Mee dëst Joer en 2. Alaf mat 2 zousätzleche Schnecken installéiert. D'Kapazitéit läit elo bei 250 Liter pro Sekonn a pro Schneck, also en Total vun 1000 Liter pro Sekonn. Dëst erméiglecht et dem S.I.A.C.H., d'Ofwaasser duerch eng Splécking awer ze klären, och wann un enger Strooss respektiv un un enger vun deenen zwou Alaastatiounen geschafft gëtt.”**

**“Den nächste Schratt vun der Klärung vum Waasser gëtt vun engem Reech iwwerholl. Hei ginn déi graff Saachen ewéi Toilettepabeier, Binden, fiicht Dicher, esouwéi eng ganz Rei aner Offäll, déi op kee Fall an e Kanal gehéieren, erausgefiltert. Nodees déi méi grouss Saachen opgefaange konnte ginn, leeft dat knaschtegt Waasser weider op déi nächst Statioun.”**







**“Deen neie Sand- a Fettfang, deen an engem Neibau installéiert gouf, ass op 2 zougedeckte Stroossen (oder Basengen) opgedeelt an huet elo eng Kapazitéit, déi verduebelt gouf par rapport zu där initialer. D'Vitesse vum Duerchlaf vum Waasser gëtt hei gedrosselt. Wéi den Numm et seet, ginn hei d'Fett an de Sand vum Ofwaasser getrennt an duerno eenzel entsuergt. De Sand setzt sech op de Buedem of a gëtt separat gebotzt iwwerdeems d'Fett uewendrop schwëmmt an duerno och entsuergt gëtt. Direkt no dësem Virgang gouf en neie „Probenehmer“ installéiert.”**

# OJET

# UKUNFT

*Quadratkilometer an am*
*méi ewéi 70.000 Awunner*
*ch den Ubau wäert et an*
*zess fir en Anzugsgebitt mat*
*e maachen.*







“No dem mechaneschen Deel fänkt, an enger drëtter Phas, déi **biologesch Behandlung**, kuerz d'Biologie, vum Ofwaasser an der Kläranlag un. An däser Phas komme speziell Bakterien zum Asaz. Duerch zousätzleche Sauerstoff vermehren sech d'Bakterien an zersetzen déi reschtlech Schmotzdeeler. Déi al Kapazitéit louch hei bei 8300 Kubikmeter a gouf elo ëm 9000 Kubikmeter erweidert. Am Abrëll vun dësem Joer gouf en Deel vun dëser Anlag a Betrib geholl. Zur Zäit leeft dat ganzt Ofwaasser zum Deel duerch deen alen an deen Trakt. An enger nächster Etapp gëtt d'Waasser just duerch deen neie Bau geleet, well esou déi al Basenge kënnen ugepasst ginn.”

“An der **Noklärung**, wou dat traitéiert Waaser a grouss ronn Basenge kënnt, fällt de Schlamm, deen iwwreg bleift, op de Buedem a gëtt och hei zesummegekiert. D'Mikroschadstoffer ewéi Reschter vu Medikamenter ginn eréischt an enger zukünfteger Rengegungsstuf, fir déi d'Virbereedunge scho mat ageplangt sinn, erausgefiltert ginn. Déi zwee nei Becken um S.I.A.C.H. hunn en Duerchmiesser vun 33m an eng Déift vu 4,5m. Si wäerten an Zukunft 54% vum Waasservolumen ophuelen, de Rescht kënnt an déi al Basengen.”





“Ganz nei ass och d'**Auslafwierk**, eng Installatioun, wou automatesch Prouwe geholl gi vum Waasser, dat geklärt gouf. Et ass eng Opbereedungsanlag fir Betriibswaasser, d.h. dës Waasser kéint fir Betriibszwecker benotzt ginn. Zum Beispill kéint ee spéiderhin bestëmmte Firmen dat als Spullwaasser fir d'Kanalisatiounen zur Verfügung stellen oder esouguer verkafen. Domat géif een dann och Drénkwaasser spueren.”





“An der **Schlammhal**, och en neit Gebai um Site vun der S.I.A.C.H. gëtt de Bulli an enger leschter Phas nach mat Zentrifugen entwässert iert en da gelagert, entsuergt oder weiderverwäert gëtt.”

# LE PRIX DE L'EAU, ÇA SE CALCULE COMMENT ?

*Sur le territoire de la commune de Pétange, le m³ d'eau (1.000 litres) est composé de l'eau elle-même ainsi que de la partie canalisation. Le prix de la partie eau s'élève à 3 €/m³ (avec 3 % de TVA) pour les ménages. S'y ajoute le prix de la partie canalisation qui s'élève à 2.60 €/m³ (la TVA ne s'applique pas pour cette partie). Ainsi, les ménages paieront 5,69 € TTC pour un m³ à partir du 1er juillet 2022.*

## COMMENT ARRIVE-T-ON À CE PRIX ?

Le prix de chaque partie a été calculé en fonction des coûts réels de l'administration communale de Pétange afin de garantir une eau potable jusque dans les conduites ainsi que le traitement des eaux usés. (achat de l'eau au Syndicat des eaux du sud, l'entretien régulier des conduites, les frais de gestion et de personnel, amortissements, etc ...)

## COMMENT DIMINUER MA CONSOMMATION D'EAU ?

La diminution de la consommation d'eau est possible avec des gestes simples mais efficaces que tout le monde peut appliquer. Voici quelques suggestions :

- Fermer le robinet pendant que vous vous lavez les dents, pendant que vous vous rasez.
- Receuillir l'eau de pluie avant d'arroser les plantes.
- Ne pas faire la vaisselle à l'eau courante et ne pas rincer la vaisselle destinée au lave-vaisselle.
- Prendre une douche au lieu d'un bain.
- Opter pour des appareils ménagers plus économes en eau comme un lave-vaisselle ou une machine à laver.
- Eviter les fuites car un robinet qui goutte perd en moyenne 100 litres toutes les 24 heures ; une chasse d'eau perd 25 litres par heure !

## UN FILTRE EST-IL NÉCESSAIRE ?

Un filtre adapté à l'installation est recommandé afin de protéger tous les appareils et d'étendre leur longévité.

## L'EAU UTILISÉE PAR PERSONNE PAR MOIS / JOUR

La moyenne d'eau utilisée par personne est de plus ou moins 3,5 m³ par mois, donc entre 113 et 117 litres par jour.

## LA DIFFÉRENCE ENTRE L'EAU DU ROBINET ET L'EAU EN BOUTEILLES

L'eau potable qui arrive jusque dans les maisons est testée régulièrement. Cependant, il arrive que les conduites dans les bâtiments soient vétustes ou en fonte galvanisée ce qui entraîne une qualité moindre de l'eau sortant du robinet.

Une famille de 4 personnes buvant chacun 2 litres d'eau par jour consomme 2.920 litres d'eau au cours d'une année.
En buvant l'eau du robinet, la famille devra payer 0.00569 € par litre, ce qui s'élève à 16,4168 € par an.
En consommant l'eau en bouteille, l'addition de la famille s'élève à 0,52 € par litre, ce qui fait 1518,40 € par an.

Conclusion :

- Avec l'eau du robinet, la famille économise dans les 1.500 €.
- L'eau du robinet vient d'une source locale et la pollution du transport du bout du monde est supprimée.
- 2.920 bouteilles – souvent en plastique – sont économisées.
- L'eau est toujours disponible et n'a pas besoin d'être transportée.
- L'eau du robinet est toujours fraiche.
- L'eau en bouteille est moins contrôlée que l'eau du robinet.



## LA LECTURE DU COMPTEUR NE SE FAIT PLUS ?

Non, en effet, les compteurs seront remplacés – normalement tous les 10 ans – et les nouveaux compteurs sont équipés de transpondeurs afin de permettre une lecture à distance.

## SUR MA FACTURE, UNE CONSOMMATION DE 0 M³ EST INDIQUÉE

Si vous n'avez pas de consommation indiquée sur votre facture d'eau, il se peut que votre compteur soit bloqué ou que le transpondeur du compteur n'émette pas les bons chiffres. Veuillez contacter le service de l'environnement (50 12 51 2031) et fixer un rendez-vous afin d'éviter des surprises de refacturations.

## LES FACTURES DIGITALES, EST-CE POSSIBLE ?

Bien sûr, il suffit d'envoyer un mail à facturation@petange.lu en indiquant votre numéro de client qui se trouve sur la facture.

## LE RÈGLEMENT CONCERNANT L'EAU ET LE CANAL, EST-IL CONSULTABLE ?

Oui. La partie eau et canal fait partie intégrante du règlement général des tarifs et peut être consulté sur **https://rb.gy/xqgvgl**

## 10/06
### Assemblée générale
Rodange – Centre culturel
De 17h00 à 19h00
Org. : Cercle Philatélique Rodange

## 10/06 – 19/06
### Kiermes
Péiteng - op der Gemengeplaz an
op der Maartplaz
Wéini? De ganzen Dag

## PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes
**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**
**Den 11.6., 9.7. an 6.8. zu Péiteng**
Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng



## PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**
**Lamadelaine: den 10.6., 8.7. an 11.8.**
**Rodange: den 17.6. an 15.7.**
Org.: Gemeng Péiteng

## 14/06
### Grand Marché
Pétange – rue de l'Église
De 8h00 à 18h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## 18/06
### Minett on Tour
Pétange - Concerts au Site WAX
à partir de 9h30
Concert final au Stade municipal
Obercorn à 18h30
Org. : Harmonie municipale Pétange / Esch2022

## 19/06
### Mammendaagsfeier
Rodange – Kulturzenter (Blobierg)
Vun 11 bis 18 Auer
Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

### Solidaritéitsiessen
Lamadelaine - Fräizäitzenter
Ufank: 11.30 Auer
Präis vum Menu: 45 €
Informatiounen iwwer Tel.: 661 681 961
Umeldung duerch Iwwerweisung
op de Konto:
BCEE LU29 0019 7900 0195 4000
Org.: Lëtzebuerger Fraen a Mammen

## BICHERBUS 20.6. AN 11.7.2022

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
Vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei
der *Sportshal*
rue Jos. Moscardo
Vun 13.15 bis 14.15 Auer




Gratis Bicher, Audio-Bicher
an DVDe léinen.
Org.: Kulturministère

## 25/06
### Summerfest
Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)
Ufank: 10 Auer
Fräien Entrée
Org. : Association des Parents d'Elèves de l'Enseignement Primaire de la Commune de Pétange

## 26/06
### Fête de la Joie
Pétange - Parking du Centre sportif
Bim Diederich
De 11 à 18 hrs
Restauration, musique, compétition gymnique
Org. : La Courageuse Pétange

## 02/07
### Start your engine 2022
Pétange - rue de Linger
De 10h00 à 22h00
Live music et DJs
Restauration et animation
Entrée libre
Org. : Retro Cars Péiteng



## 03/07
### Vide Grenier
Pétange – place J.F. Kennedy
Début : 10h00
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

### Plogging – Pick up and run
Lamadelaine – Parking Ecole
Début : 10h00
Degré de difficulté : difficile
Longueur du parcours : environ 5 km
Org. : Commission de l'Environnement en collaboration avec le RBUAP

## 06/07 an 03/08
### Marché mensuel
Pétange – place J.F. Kennedy
De 8h00 à 12h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## 06/07
### Cours de Taiji et Qigong
Pétange – Site WAX
Séances les 6, 13, 20 et 27 juillet, les 3, 10 et 31 août et le 7 septembre 2022
Horaire : de 19h30 à 21h00
Prix du cours complet : 50 €
Infos et réservations par e-mail (info@sitp.lu) ou par tél. : +352 621 630 500
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

### Assemblée générale
Pétange – Maison de la culture A Rousen
Début : 19h11
Org. : KaGePe

## 08/07
### Simply Yoga
Pétange – Site WAX
Séances les 8, 15, 22, 29 juillet et les 5, 12, 19 et 26 août
Début de chaque séance à 19h00
Prix du cours complet : 50 €
Infos et réservations par e-mail (info@sitp.lu) ou par tél. : +352 621 630 500
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

## 09/07
### Rousefest
Lamadelaine – Fräizäitzenter (rue Grousswiss)
Vun 11 bis 23 Auer
Animatioun an Aktivitéiten de ganzen Dag iwwer
Fräien Entrée
Org.: LSAP Gemeng Péiteng

### Summerconcert
Péiteng – Site WAX (2, rue d'Athus)
Ufank um 19.30 Auer
Fräien Entrée
Org.: Harmonie des Jeunes Pétange

## 09/07 – 10/07
### Beach-Volleyball Turnéier
Lamadelaine – Beach-Volleyball-Terrainen (rue du Vieux Moulin)
Info op www.volley80.lu
Org.: Volley80

## 10/07
### Volléksfest
Péiteng – place J.F. Kennedy
Vun 11 bis 23 Auer
Animatioun an Aktivitéiten iwwer de ganzen Dag
Fräien Entrée
Org.: CSV Gemeng Péiteng

## 23/07
### Vocals on tour
Pétange – place J.F. Kennedy
Concert open air
Début : 20h00
Entrée libre
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

## 30/07
### Stroossemaart
Péiteng – Gemengeplaz a ronderëm
De ganzen Dag iwwer
Org.: Asociaiton des professionnels des foires et marchés asbl

# CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29 rue Michel Rodange**
**zu Déifferdeng**
**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail : prenzebierg@clubsenior.lu**
**Kontaktpersoun : Geneviève FABER**
**Viremente fir Reservatiounen**
**op de Konto CCPLULL –**
**IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

## 15/06
### Ausstellung „Konscht ouni Alter“
Wou? Op Esch-Belval
Rdv um 13.50 Auer op der Déifferdenger Gare oder um 14.20 Auer virun der Massenoire, 3, avenue des Hauts-Fourneaux
Präis: 15 €
Féierung a Lëtzebuerger Sprooch vun 1,5 Stonnen

## 24/06
### Konferenz „Liewen doheem“
Informatiounen iwwer d'Betreiung vu Familljememberen doheem
Wéini? Vu 14.30 bis 16.00 Auer
Wou? Am Club Senior Prënzebierg zu Déifferdeng
Fräien Entrée

## 22/07
### Marche Ourdall
Rdv à 8h30 au parking Plateau des Hauts Fourneaux
Promenade guidée (8,5 km)
Repas (à payer sur place) dans un restaurant à Vianden
Temps libre l'après-midi avant le retour
Prix : 22 €

## 02/08
### Tour op Mannheim
Féierung duerch dat renovéiert Schlass
Mëttegiessen am Restaurant
Nomëttes Zäit fir de Luisenpark z'entdecken
Klenge Shopping am Stadzentrum
Rdv um 7.15 Auer beim Péitenger Sportzentrum
Retour géint 18 Auer vu Mannheim aus
Präis: 74 € (Visitt, Bus, Entrée a Plat) fir Memberen
89 € fir Net-Memberen


PÉ
TAN
GE
MUSIC
FOOD
DRINKS
AFTER
WORK
BEIM WAX
17:00-22:00
02.06
DJ KINCH
09.06
DJ FRITZ & DJ PETZ
16.06
LE VIBE
30.06
BC ONE & APE & GUESTS
07.07
THE COOKIE JAR COMPLOT/ALL REITZ RESERVED
Méi Infoen op:
www.petange.lu
pétange


NUIT DU SPORT 2022
16:00
22:00
13. EDITIOUN
MAACH MAT A PROBÉIER AUS!
11/06
2022
GRATIS ENTRÉE
CENTRE SPORTIF "BIM DIEDERICH"
PÉTANGE
@nuitdusport.lu
@nuitdusport
UNE INITIATIVE DU
DANS LE CADRE DE
PARTENAIRE MEDIA


19 JUIN 2022 14h30-17h
Hall Sportif - Rue Jos Moscardo - 4840 RODANGE
télévie
ZUMBA
pétange
Sandra Deischter
Sandra Del Cotto
Maria Agostino
& Lux ZIN™ friends
ZUMBATHON® CHARITY EVENT
RAF MC
ZUMBA JAMMER
my.weezevent.com/zumbathon-charity-event
ZChicas Luxembourg
ZUMBACHICAS.LU
contact@zumbachicas.lu
661 27 30 05
ZUMBA® and the Zumba Fitness Logos are registered trademarks of Zumba Fitness, LLC, used under license.


télévie Rodange
pétange MOTIVATION COMMUNE
Télévie - Dag
2022
24.-25. Juni
Centre de promesses permanent
Rodange
rue Jos. Moscardo
An a ronderëm der Sportshal
bancomat an der Keess
Fir Iessen a Gedrénks ass beschtens gesuergt
Freides, 24.06 :
Lëtzebuerger Owend mat den Déckkäpp
Fir z'iessen gëtt et Ham, Fritten an Zalot fir 22€ (op Reservatioun *)
Samsdes, 25.06 :
Animatiounen de ganzen Dag
Scheckiwwerreechung géint 20h00
Plooschter Projet
10h00-18h00
* Umelle kënnt der Iech bis de 17. Juni op der TelN°: 691 78 50 50
D'Reservatioun gëtt réischt gülteg mat der Iwwerweisung vun 22€ op de Konto
LU27 0026 0100 6485 5800
Facebook facebook.com/TelevieRodange
















**2.4.2022 –** *Ronn 200 Leit aus de Lokalveräiner haten sech fir d'Fréijoersbotz an der Péitenger Gemeng ugemelt. Dëst Joer goufe 780 kg Offall gesammelt, deen op de SIDOR gefouert an entsuergt gouf. An nodeems d'Säck voll waren, goung et esou lues awer sécher op de Kascht fir deen och dëst Joer d'Leit vun de „Military Vehicles Collectors Greyhound" gesuergt haten. Um Menü: e gudden Iertsebulli mat Mettwurscht an déi eng oder aner Héis.*








**3.4.2022 –** *Nodeems de Péitenger Turnveräin „La Courageuse" schonn den 1. Abrëll en neie Fändel kruten, haten si op d'„Séance académique" agelueden, déi am Kulturhaus „A Rousen" stattfonnt huet. Hei gouf nach eng Kéier op déi 125-järeg Geschicht vum Veräin agaang. Eng Geschicht, op déi een och houfreg ass an déi nach laang weidergoe soll.*









**6.4.2022 –** *Die Gelegenheit, hinter die Kulissen der Gemeindeämter zu schauen, wurde von Schüler und Schülerinnen aus dem Sekundarunterricht in den Osterferien genutzt. Sie hatten sich für den „Job Day" eingetragen und erfuhren so aus erster Hand, welche doch sehr unterschiedlichen Aufgaben die Angestellten Tag für Tag erledigen.*



# “O
# ENG (
# NOPERS

Bei schéinstem Wieder a beschter Laun gou
schiddene Stroossen d'Nopeschfest gefeiert
séiss Mäifelcher an engem gudde Pättcher
Quartieren zesumme gedoen an hunn ze
stouss a bis spéit an den Owend era gef
vun der Péitenger Gemeng, déi frou
ner an aus all Altersgrupp sech t
ze verbréngen. A bei gudder
vun hinne gewiescht ze
d'Editioun 2023 w
bestëmmt!



















# P
# GUTT
# SCHAFT!

…f zu Péiteng, Rodange a Lamadelaine a ver-
…. Mat gegrillte Spezialitéiten, Zaloten, gutt
…n hunn sech Bierger a Biergerinnen an de
…esummen op eng gutt Noperschaft uge-
…eiert. Ënnerstëtzung kruten si dofir och
… ass, wa Leit aus aller Herrgottslän-
…reffe fir e puer Stonne mateneen
… Laun schénge jo déi meescht
… sinn. Elo heescht et, op
…aarden! Déi kënnt

”












**14.4.2022 –** *Bien joués les jeunes ! C'est devant plus de 1 000 spectateurs que la finale de la Coupe du Prince fut disputé au stade de football à Bascharage entre l'Union Titus Pétange et le Racing Union Luxembourg. Après un but de Ruben Gonçalves à la 38e minute, les footballeurs pétangeois ont réussi à remporter le match et ramener la coupe à Pétange.*






**20.4.2022 –** *Op hirem Ouschtermaart haten d'Kanner aus dem 1. Zyklus an der Éigent-Schoul 3.333 € gesammelt, déi si integral fir Unicef Lëtzebuerg gespennt hunn. Am Kader vun enger flotter Feier, déi musikalesch ënnermoolt gouf vu Kanner aus dem 4. Zyklus aus der Park-Schoul, hunn si der Madamm Martine Karier vun der Unicef de Scheck iwwerreecht. D'Sue sollen den ukrainesche Kanner hëllefen.*















**20.4.2022 –** *Pendant un mois, la commune de Pétange était au centre de l'attention dans le cadre des événments d'Esch2022 et après la grande Cavalcade Européenne du 27 mars dernier, le bourgmestre Pierre Mellina a remis le sceptre aux maires des communes de Bettembourg, d'Audun-le-Tiche (F) et de Burange (F) qui seront à la une jusqu'à la mi-mai. A cette occasion, le KaGePe a remis un chèque de 4.000 € à « Médecins sans frontières » pour aider les victimes de la guerre en Ukraine.*





**26.4.2022 –** *Am Kader vun der Ausstellung „Between Shade and Darknes“ am Kulturhaus A Rousen zu Péiteng huet den Henri Juda d'Geschicht vu senger Famill erzielt, déi duerch eng Hausse vum Antisemitismus an de politeschen Evenementer an Europa (30er a 40er Joren) haart vum Schicksal getraff gouf. En interessanten an ergräifende Virtrag, fir deen sech eng ganz Rei Leit agedroen haten an dee vun de Péitenger Geschichtsfrënn op d'Bee gestallt gouf.*







**28.4.2022 –** *„D'Verfolgung vu Minoritéiten ënner der NS-Besatzung“ war d'Thema vun der Konferenz vun den Hären Daniel Thilman a Jérôme Courtoy, déi virun engem gutt gefëllte Sall am Kulturhaus A Rousen d'Leit un dëse Sujet erugeféiert hunn. De Virtrag gouf organiséiert am Kader vun der Ausstellung, déi gläichzäiteg am Kulturhaus zu Péiteng gewise gouf.*






**3.5.2022 –** *Dans le cadre de la promotion de la biodiversité en milieu urbain, la commune de Pétange avait invité à une réunion informative sur le thème du parrainage de certains parterres. Le Service environnement ainsi que le Service de régie ont donné des informations aux participants afin de leur faciliter leur engagement. Les plantes mises à disposition gratuitement par l'administration communale peuvent être retirées auprès des différentes sections du Coin de Terre et du Foyer où des bénévoles donneront volontiers des conseils de jardinage (voir page 25).*








**11.5.2022 –** *In Anwesenheit des Sportministers, Vertretern der FLF, der Gemeinde sowie zahlreichen Gästen fand kürzlich die offizielle Einweihung des neuen synthetischen Spielfelds und der dazugehörigen Beleuchtungsanlage sowie die Beleuchtungsanlage des Spielfelds 1 statt. Die Kosten der Beleuchtungsanlagen beliefen sich auf rund 150.000 € derweil das synthetische Feld mit 727.869.69 € zu Buche schlug, wovon das Sportministerium 181.900 € hinzusteuerte.*



*Pendant une semaine, des représentants de la Fédération Européenne des Cités Carnavalesques ont séjourné au Luxembourg pour leur grande convention dans le cadre d'ESCH2022. Au programme furent de nombreuses visites sur le territoire luxembourgeois dont une au Fond-de-Gras ainsi qu'à la Moselle. La semaine fut conclue avec un grand spectacle à la place J.F Kennedy à Pétange.*











*“* **27.-28.5.2022 –** *Im Rahmen des Europäischen Jugendmusikfestivals hatte die Petinger Musikschule zum* ***Remix22*** *auf den Marktplatz eingeladen, wo Musiker von nah und fern ihr Talent unter Beweis stellen konnten. Auch im Fond-de-Gras sowie an zahlreichen anderen Standorten im Süden Luxemburgs fanden weitere Konzerte statt. Krönender Abschluss: ein Konzert der Superlative im Train 1900-Schuppen im Fond-de-Gras in Anwesenheit zahlreicher begeisterter Zuhörer.*

















**10.5.2022 –** *Blumme goufe bei der Gedenkplaque fir d'Famill Hahn am Schoulhaff vun der Park-Schoul, beim Monument Jacques Chauvin, beim Monument zu Éiere vun de Affer vum Krich virun der Gemeng, bei der Gedenkplaque op der Grenz zu Rodange an um Lamadelainer Kierfecht néiergeluecht, dëst fir deenen ze gedenken, déi hiirt Liewen hu musse loossen um Dag vun der Invasioun vun den Nazitruppen den 10. Mee 1940.*

## WAT WAR LASS ?





**17.5.2022 –** *La police avait invité les citoyens de la commune de Pétange à une séance d'information quant à la prévention contre le cambriolage et le vol à la ruse. Pour cela, des collaborateurs de la police grand-ducale ont présenté d'abord la police avant de parler du sujet à l'ordre du jour. Malheureusement, un petit problème technique n'a plus permis aux participants de voir une démonstration sur le stand d'information. Peut-être une autre fois ?*

## MIR GRATULÉIEREN !



*90 Joer jonk gouf dëser Deeg d'Madamm Marguerite Hoeltgen-Martin, déi zënter engem Joer hire Liewensowend an der Résidence Ronnwiss zu Rodange verbréngt a wou si hiren Éierendag bei gudder Gesondeheet gefeiert huet. D'Schäffe Jean-Marie Halsdorf a Romain Mertzig hunn hir alles Guddes am Numm vun der Gemeng gewënscht an hir eng schéi Corbeille mat vill gudde Saachen iwwerreecht.*



*An der Seniorie St Joseph zu Péiteng huet d'Madamm Marie-Madeleine Franzen-Dondelinger viru kuerzem 90 Käerzen op hirem Gebuertsdaagskuch ausgeblosen. Zesumme mat hirer Famill, de Vertrieder vun der Direktioun vum Haus esouwéi vun der Amicale huet si mat de Schäffe Jean-Marie Halsdorf a Romain Mertzig, déi hir eng schéi Corbeille am Numm vun der Gemeng Péiteng iwwerreecht hunn, op dëse besonneschen Dag ugestouss.*



*Wéi d'Zäit dach esou séier vergeet! Virun engem halwe Jorhonnert hunn den Enzo Giampaolo an d'Solange Sand sech d'Jo-Wuert zu Hesper op der Gemeng ginn. Zënter 2004 ass d'Koppel an der Péitenger Gemeng doheem. Zur Famill gehéieren haut och déi 3 Enkelkanner, op déi si ganz houfreg sinn. Hiirt Versprieche vun deemools hunn si virum Péitenger Schäfferot erneiert a freeën sech elo, zesummen duerch déi nächst Joren ze goen.*

# PARRAINAGE DES PARTERRES COMMUNAUX



Dans la cadre de la promotion de la biodiversité en milieu urbain, la commune de Pétange propose le parrainage des parterres communaux à des particuliers sur le territoire communal. Le parrainage sur base d'une déclaration sur l'honneur, comprend le contrôle et l'entretien des parterres en question.
Le service de l'environnement enregistre les demandes de parrainages, puis contrôle son application en étroite collaboration avec le service des espaces verts.
Après la signature officielle de la déclaration de leur engagement, les particuliers peuvent faire leur choix parmi diverses espèces de plantes qui leur sont fournies gratuitement par l'administration communale.
Les plantes pourront ensuite être retirées auprès des locaux d'une des trois sections du Coin de terre et du Foyer (les 3 sections) en bénéficiant des conseils d'entretien et de soins suivant les espèces de plantes choisies. La commune soutient également l'acquisition de compost auprès du syndicat communal Minett Kompost à Mondercange.

Adresses à noter :

**Coin de Terre et du Foyer Rodange**
1, rue Nic. Biever
Tél. : 26 65 49 40

**Coin de Terre et du Foyer Lamadelaine**
62, chemin de Brouck à Rodange
Tél. : 661 69 19 61 ou 621 23 50 31

**Coin de Terre et du Foyer Pétange**
3, rue Belle-Vue
Tél. : 50 31 01 ou 691 51 30 31

**Minett Kompost**
Z.I. Um Monkeler à Schifflange
Tél. : 55 70 09

## LEKTÜR FIR D'VAKANZ

Nach e puer Wochen, an da fänkt déi grouss Vakanz un, an domat och eng Zäit, wou een emol gären e gutt Buch liest. D'Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng proposéieren dofir déi zwee lescht Geschichtsfuerscher, an zwar:

**„La commune de Pétange, ses origines, ses limites, ses édiles" vum René Klein**
**„A wat soll et da sinn, Madamm" vum Roger Bour**

Bestellunge si méiglech iwwer e-mail (geschichtsfrënn@petange.lu) an eng Iwwerweisung vun 30 € (5 € fir d'Verschécken) op de Kont LU26 0019 5655 0734 8000. D'Bicher sinn och bei de Geschichtsfrënn (freides tëscht 15 an 18 Auer) an der Uecht ze kréien a kaschten do 25 € d'Stéck. Vill Spaass beim Liesen an eng schéi Vakanz wënschen d'Geschichtsfrënn!

# CULTURE MEETS SHOPPING

Pour soutenir le positionnement des communes d'Esch2022 en tant que destinations « shopping », augmenter la fréquentation et les chiffres d'affaires des commerçants, et conférer davantage de visibilité à la convivialité des communes du territoire et de leurs habitants, la Capitale européenne de la culture Esch2022 met gracieusement à disposition des gadgets et produits Esch2022 utiles au quotidien.

### SHOPPING PASS

Le Shopping Pass permet aux habitants du territoire Esch2022 de (re)découvrir la vaste offre de commerces locaux et de l'Horeca. Lors de leurs visites chez les commerçants et entreprises participants, les visiteurs peuvent demander un tampon à apposer sur leur Shopping Pass et ainsi, multiplier les contacts avec la communauté commerciale locale. Pour obtenir un tampon, les visiteurs doivent simplement présenter leur Shopping Pass. Aucun montant minimum d'achat n'est requis. Toutefois, il n'est possible de faire tamponner son Shopping Pass qu'une seule fois par commerce. Après 9 tampons, le client peut se rendre au point info de l'Annexe22-Place de la Résistance à Esch pour se voir remettre les prix associés.
En outre, la Capitale européenne de la culture propose du matériel promotionnel d'Esch2022 aux commerçants et aux restaurateurs sous forme de :

- Stickers Vitrine ; Sacs en papier ; Distributeurs de flyers avec le programme d'Esch2022 ; Bonbons et sucre ; Affiches ; Serviettes ; Set de tables.

Nous comptons sur votre participation! Pour toute information complémentaire, n'hésitez pas à nous contacter à l'adresse mail : shopping@esch2022.lu
***L'équipe d'Esch2022***




> Péiténg

# ELEKTRONESCH BEWERBUNGEN ERAREECHEN

Zënter kuerzem ginn d'Kandidature fir eng Plaz op der Péitenger Gemeng just nach iwwer den elektronesche Wee ugeholl. Op der Startsäit vum Péitenger Internetsite gëtt et dofir e roude Button! Duerch d'Uklicke kënnt een direkt op d'Säit „Emploi", wou déi oppe Plazen opgelëscht sinn. Et kann een awer och eng spontan Kandidatur erareechen, d.h. eng Kandidatur fir eng Plaz erareechen, fir déi de Moment nach kee gesicht gëtt.
Bei deenen opgelëschte Poste hëtt ee weidergeleet op de Prozess vun der Kandidatur. Hei muss een seng perséinlech Informatiounen eraginn an zousätzlech Dokumenter kënnen eropgeluede ginn.




# NEI MATAARBECHTER!



*Den* ***Alex Homan*** *gouf als neie Schwammmeeschter vereedegt an huet den 1. Abrëll op senger neier Plaz ugefaangen ze schaffen.*




## RPL TV

**Wat gëtt et Neies an der Gemeng?**

**Vum 15. Juni bis de 15. Juli** ginn eng Rei flott Reportagen um Péitenger Fernsehkanal „RPL TV" gewisen. D'Emissioun gëtt ausgestrahlt um 15 Auer, um 18.30 Auer an um 21 Auer. Um Programm vun der Emissioun stinn dës Kéier ë.a.:

– Rubrik "Wat war lass" mat ë.a. dësen Eventer: Nopeschfest, 25. Anniversaire vum DT Kordall, 10. Anniversaire vun de Kordall Steelers, Remix 22, Bademeister Schalupke, Nighttrain Afterwork
– Grouss Reportage: FECC Konventioun

**Vill Spaass beim Kucken!**

# CUISSE DE CANARD CONFITE : RECETTE DE NOTRE CHEF-CUISINIER FREITAS DE SOUSA RUI FILIPE





CAFÉ-RESTAURANT ÔP'TIT BONHEUR
55, RUE DE LA FONTAINE
L-4815 RODANGE
TÉL. : +352 266 573
WWW.OPTITBONHEUR.LU

Le « **confisage** » est une **méthode** de conservation traditionnelle des viandes par la technique de la cuisson dans la graisse. Le **confit** est préparé avec des viandes d'oie ou de canard qui ont été engraissées.

## INGRÉDIENTS

**pour 1 portion :**

- 1 cuisse de canard confite
- 4 tranches d'aubergines
- 4 tranches de courgettes
- 1 grand champignon coupé en quarts
- 1 mini poivron jaune ou orange
- 4 tomates cerises
- 150 g de chou-fleur
- Huile
- Sel, Poivre
- Lait, Crème fraîche
- Muscat

## PRÉPARATION

- Placez la cuisse de canard dans une cocotte, salez et poivrez puis couvrez la cuisse entièrement de préférence avec de la graisse de canard ou en alternative avec de l'huile d'olive vierge, rajoutez 2 à 3 feuilles de laurier.
- Fermez la cocotte avec un couvercle ou avec du papier alu et laissez cuire au four préchauffé à 100°-110° maximum pendant 3 à 4 heures.
- Si vous préférez, vous pouvez acheter la cuisse de canard déjà confite, dans ce cas il faudrait seulement la cuire à 200° pendant 10 à 12 minutes.
- Lavez le chou-fleur, coupez en morceaux et faites-le cuire dans du lait, salez, poivrez et rajoutez, selon votre goût un peu de noix de muscat. Si le chou-fleur est bien-cuit, égouttez et passez avec un robot pour en faire une purée. Rajoutez 2 cuillères à soupe de crème fraiche. Tenir au chaud.
- Arrosez les aubergines, courgettes, champignons et poivron avec de l'huile d'olive, salez et poivrez. Grillez les légumes pour bien les dorer. Terminez la cuisson dans le four à 200° pendant environ 3 minutes.
- Arrosez les tomates cerises d'huile d'olive, ajoutez du sel et du poivre, mélangez bien. Faites revenir les tomates dans une casserole ou bien enfournez à 200° pendant 3 à 4 minutes.
- Versez dans une casserole 250 ml de fonds de veau, salez, poivrez et laissez cuire pendant quelques minutes. Vous pouvez rajouter du miel, ou bien du romarin ou bien toute autre épice préférée et laissez mijoter encore pendant quelques minutes.


## DRESSAGE DE VOTRE ASSIETTE :

Prenez une assiette préchauffée, dressez la purée de chou-fleur sur le côté de l'assiette. Placez en alternance une tranche d'aubergine et une tranche de courgette, placez le mini poivron coupé en deux ainsi que les tomates confites et champignons sur les courgettes et aubergines. Placez la cuisse de canard sur la purée et arrosez de sauce.









*Je vous souhaite un excellent appétit !*

# PÉTANGE

ANIMATIOUN · MUSEK · IESSEN · GEDRÉNKS

# NATIONAL FEIERDAG

## 23.06.22 - 13:00-22:30
## JOHN F. KENNEDY PLAZ

ANIMATIOUNE VU PÉITENG ON AIR ◆ ATTRAKTIOUNE FIR KANNER VUN DE PÉITENGER GUIDEN A SCOUTEN ◆ DÄNZ MAT DEN ZCHICAS & ANGELS MAJORETTES



**17:00**
**THE HUMPHREYS**
POP-ROCK BRASS BAND



**20:00**
**GOD SAVE THE QUEEN**
QUEEN TRIBUTE BAND



**22:15**
**PROJEKTIOUNSSHOW OP D'STADHAUS**
MAT LIVE MUSEK VUM ANDRÉ MERGENTHALER

Infos:
www.petange.lu

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

Péiteng on Air